ASSOCIATION
LUXEMBOURGEOISE
DES SAGES-FEMMES

Här Marc Guschal
Deutsche UNESCO-Kommission e.V.
Martin-Luther-Allee 42
53175 Bonn, Deutschland

Mamer, den 10. Februar 2022

**Betreff: Averständneserklärung fir d'UNESCO**

Duerch d'Androe vun der lëtzebuerger Hiewanskonscht op d'UNESCO-Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet, gëtt ëmmer méi dovu geschwat, an esou bleift déi wäertvoll Praxis am Gespréich a gëtt deemno vu Generatioun zu Generatioun weidergedeelt.

Fir eis an der lëtzebuerger Hiewanevereenegung - Association Luxembourgeoise des Sages-Femmes (ALSF) ass dëst eng wäertvoll Unerkennung vun eiser Aarbecht an deemno och vun deem wat mir fir d'Gesellschaft leeschten. D'ALSF setzt sech zënter méi wéi 100 Joer hei zu Lëtzebuerg fir d'Rechter vun den Hiewanen a vun de schwangere Fraen an. Eisen eelste Slogan heescht: «Keng Gebuert ouni Hiewan» a betount eisen Asaz fir d'Erhalen an d'Weidergi vun eisem Kulturierwen.

Quasi all lëtzebuerger Hiewan ass an eiser Vereenegung, an dëst weist, wéi staark mir sinn a wéi vill datt eis dorunner geleeën ass, fir d'Wëssen, wat duerch eis Hänn vermëttelt gëtt, weiderzeginn. Mir bilden eng Gemeinschaft a gesinn eis eemol am Mount, wou mir déi verschidde Projeten beschwätzen. Mir entwéckelen eis weider, ouni ze vergiessen, dass dat uraalt Wëssen ëmmer erhale bleiwe soll. Dëst hu mir 2019 bei eisem Centenaire betount, wou mir d'Ausstellung mam Numm „D'HIEWANSKONSCHT" mat groussem Erfolleg eng éischte Kéier gewisen hunn.

Hiewanen notzen déi wäertvoll Weiderentwécklung an der Technik, mee wëssen, dass si noutfalls och ouni technesch Hëllefsmëttel virun, wärend an no der Gebuert mat alle Situatiounen eens ginn. Hiewane ginn de Fraen d'Gefill, dass sinn alles erreeche kënnen a begleeden si an deene verschiddenen Etappe fir Mamm ze ginn. D'lëtzebuerger Hiewanevereenegung setzt sech dofir an, datt all Fra d'Méiglechkeet huet, hir physiologesch Schwangerschaft, op hire Wonsch hin, vun enger Hiewan iwwerwaachen a begleeden ze loossen.

Duerch d'Androe vun der Hiewanskonscht op d'UNESCO-Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet, gëtt dës wäertvoll Aarbecht heiheem an uechter d'Welt zousätzlech unerkannt, ënnerstëtzt an erhalen, a vläicht och erëm méi op d'Fra selwer mat hiren eegene Ressource gelauschtert. D'Association Luxembourgeoise des Sages-Femmes (ALSF) ënnerstëtzt dofir dës Initiativ, zesumme mat all deenen anere Länner, vun der multinationaler Kandidatur „Midwifery: Knowledge, Skills and Practices".

**Fir d'ALSF:**

Anne Dahm

Dubois Camille

Aurélie Blanchard

Blanchard A.

Yolande Klein

Keistel von Laufenberg

BARTHEL NADINE
Presidentin

Barthel.

Sheila FRANTZ

Frantz

Danielle Haag

D.Haag

Laure Baumann

Anna-Cristina Rings-Albonico

GLODT NATHALIE

ASSOCIATION
LUXEMBOURGEOISE
DES SAGES-FEMMES

Här Marc Guschal
Deutsche UNESCO-Kommission e.V.
Martin-Luther-Allee 42
53175 Bonn, Deutschland

Mamer, den 10. Februar 2022

**Subject: Declaration of consent for UNESCO**

The inclusion of Luxembourg's midwifery on the UNESCO Representative List of the Intangible Cultural Heritage of Humanity will rise an increased awareness of it, and so this worthy practice remains on the table and is passed on from generation to generation.

For us from the Luxembourg Midwife Association (ALSF), this is a valuable recognition of our work and therefore of what we achieve for society. The ALSF has been campaigning for the rights of midwives and pregnant women for over 100 years. Our oldest slogan is: "No birth without a midwife" and emphasizes our commitment to the safeguarding and transmission of our cultural heritage.

Almost every Luxembourgish midwife is in our association and this shows how strong we are and how much we are committed to transmitting the knowledge that is being passed on through our hands. We form a community and meet once a month to discuss the various projects, and to evolve without forgetting that ancient knowledge should always be safeguarded. This is what we emphasized at our centenary in 2019, where we showcased for the first time the exhibition entitled "MIDWIFERY" which was a great success.

Midwifes use the valuable advancement in technology but know that in case of need they can cope with all situations without technical tools before, during and after birth. Midwives give women the feeling that they can achieve everything by themselves and accompany them in the various stages of their becoming a mother. The Luxembourg Midwife Association is committed to ensuring that every woman has the opportunity to have her physiological pregnancy monitored and accompanied by a midwife if she wishes so.

By adding midwifery to the UNESCO Representative List of the Intangible Cultural Heritage of Humanity, this valuable work would be increasingly recognized, supported and safeguarded at home and around the world, and may be the woman herself and her own resources will be more listened to. The Luxembourg Midwife Association (ALSF) therefore supports the inclusion of Luxembourg's midwifery on the UNESCO Representative List of the Intangible Cultural Heritage of Humanity, together with all the other countries participating in the multinational application "Midwifery: knowledge, skills and practices ".

# Hiewannekonscht an der Hiewannenausbildung

**Ënnerstetzung fir d'Demande fir d'Hiewannekonscht op d'UNESCO-Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwen vun der Menschheet opzehuelen**

Zu Lëtzebuerg ass sech seit jeehier agesat gi fir eng qualitativ héichwäerteg Hiewannenausbildung, wou d'Basis fir d'Hiewannekonscht geluecht gëtt.

Dofir ass d'Hiewannenausbildung hei am Land am Joer 2012 eng eegestänneg Ausbildung gi vun 3 Joer op Héichschoulniveau, an net méi wéi virdrun opgebaut op den Infirmiersberuff, deem eng aner Approche zugronn läit. Et sinn och d'Hiewanne selwer, déi hir Formatioun an de Grapp geholl hunn an all déi hiewannespezifesch Couren halen. D'Ausbildung muss permanent un d'Erausfuederungen vum Terrain ugepasst ginn.

D'Studentinne sollen d'Hiewannekonscht léieren, esou dass sie kapabel sinn se herno an hirem Beruff unzewennen. Di autonom Begleedung vu Fraen am Fall vun enger physiologescher Schwangerschaft oder d'Begleedung vu Koppele bei der Gebuert vun hirem Puppelchen an och an der éischter Zäit dono, si grondleeënd Kompetenze vum Beruff.

An de Coure léieren si engersäits d'Theorie, d.h. si mussen d'Physiologie kenne vum Fraekierper, vun der Schwangerschaft, vun der Gebuert an der Zäit no der Gebuert, vum Neigebuerenen a vum Stëllen, mee si mussen och d'Pathologië kennen an se kënnen detektéieren.

Ausserdeem mussen si all d'Technike beherrschen, déi zur Hiewannekonscht gehéieren. Di wichtegst Instrumenter vun der Hiewann sinn hir Sënnesorganer, a virun allem hir Hänn, déi gläichzäiteg berouegen, ënnerstëtzen, fillen, wëssen a bewäerten. D'Handgrëffer fir mam Puppelchen am Bauch Kontakt opzehuelen, erauszefannen wéi en am Bauch läit, sinn an deem Sënn eenzegarteg, well déi just vun der Hiewann ugewant ginn.

Doniewent besteet d'Hiewannekonscht awer och doranner, eng vertrauensvoll Relatioun zu der Fra/ Famill opzebauen, si an hire Kompetenzen ze stäerken, hir Onsécherheeten/Problemer ze detektéieren an si esou ze begleeden , dass si mat där gréisstméiglecher Autonomie an Zefriddenheet fir sech an hiert Kand ka suergen. All Frau huet wärend der Gebuert ee komplext, individuelt Verhalen. D'Beobachten, d'Anuerdnen an di richteg Interpretatioun vun dësem Verhalen ass eng vun de grondleegende Kompetenzen vun der Hiewannekonscht.

D'Hiewannekonscht steet fir ee salutogenesche Betreiungsmodell, si mobiliséiert d'Ressource vun der Frau a befähegt se d'Gebuert aus eegener Kraaft ze schaffen. D'Hiewannsbegleedung ass interventiounsaarm, „do" sinn, vill wëssen a wéineg maachen.

De Beruff vun der Hiewann verlaangt also ganz vill Wëssen, eng grouss technesch Kompetenz, d'Beherrschen vun enger gudder Kommunikatioun, d'Kapazitéit empathesch ze sinn an d'Fähegkeet fir ze spieren, wat fir Moyennen a wéi enger Situatioun am beschte passen an nëtzlech sinn. Dëst Wëssen a Kënne vun der Hiewann, dat oft ouni medizinesch Technik auskënnt, ass immateriellt Kulturiewen.

Wärend der Ausbildung léieren d'Studentinnen dës Saachen deelweis an de Couren, mee och an de Stagen, duerch d'Beobachte vun de Fraen a vun den Hiewannen, a virun allem doduerch, dass si hir eegen Erfarunge maachen a Begleedung vun erfuerenen Hiewannen.

D'Zil vun der Ausbildung ass et och fir genuch Hiewannen auszebilden, fir d'Autonomie vum Beruff kënnen ze garantéieren, sou dass all Fra zu Lëtzebuerg kann op d'Ënnerstëtzung vun enger Hiewann

kann zréckgräife wärend der Schwangerschaft, Gebuert a Wochebett , vun enger „1 zu 1 Betreiung“ ka profitéieren.

D’Hiewannekonscht gëllt et ze beschützen, well si vun der Gebuertsmedizin bedrot ass. Op där enger Säit de Respekt vun der Physiologie, déi et schwéier huet sech ze behaapten an eiser industrieller Kultur, géint op där anerer Säit de Fokus op der Pathologie, eng ëmmer méi staark Medikaliséierung vun der Gebuert, an dommadder ëmmer méi héich Césariennenzuelen.

Di nei Attributioune vun der Hiewann vum November 2019 an di nei Nomenklatur, déi den 1.Februar 2022 a Kraaft getratt ass, wäerten dozou bäidroen, dass d’Hiewannewiesen erëm méi e grousse Stellewäert zu Lëtzebuerg kritt.

An deem Sënn ass och virgesinn, dass d’Hiewannenausbildung am September 2024 ëm ee Joer verlängert gëtt, vun 3 op 4 Joer, a mat engem Bachelor ofschléisst.

Ech, als Vertriederin fir d’Hiewannsausbildung, kann nëmmen d‘Demande fir d’Hiewannekonscht op d’UNESCO-Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwen vun der Menschheet opzehuelen, voll a ganz ënnerstëtzen a recommandéieren.

Lëtzebuerg, de 4. Februar 2022

N. Weber

Nicole Weber

Coordinatrice BTS sage-femme

bts >> sage-femme

LTPS LYCÉE TECHNIQUE POUR PROFESSIONS DE SANTÉ

## Midwifery Art in Midwifery Training

**Consent to the candidature of midwifery to the UNESCO Representative List of the Intangible Cultural Heritage of Humanity**

In Luxembourg, there has always been a commitment to high-quality midwifery training, which lays the foundation for the art of midwifery.

Therefore, in 2012, the midwifery training in our country became an independent training of 3 years at higher education level, and no longer, as it used to be, built on the nursing profession, which is based on a different approach. It is also the midwives themselves who have taken charge of their training and hold all the midwife-specific courses themselves. Training is to be constantly adapted to the challenges of the field.

Students should learn the art of midwifery so that they are able to apply it later in their profession. The autonomous accompaniment of women in the event of a physiological pregnancy or the accompaniment of couples at the birth of their baby as well as in the first period thereafter, are fundamental competences of the profession.

In the classroom, on the one hand, they learn theory, i.e. they must know the physiology of the female body, of pregnancy, of birth and postpartum time, of newborns and breastfeeding, but they must also know about pathology and be able to detect it.

In addition, they have to master all the techniques that belong to the art of midwifery. The most important instruments of midwives are their sense organs, and above all their hands, which at the same time soothe, support, feel, know and appreciate. The handles for getting into touch with the baby in the womb, finding out how it lies in the womb, are unique in this sense because they are only used by midwives.

At the same time, the art of midwifery also involves building a trusting relationship with the woman / family, strengthening their competencies, detecting their insecurities / problems and accompanying them in such a way that with the greatest possible autonomy and satisfaction they are capable of caring for themselves and their children. Every woman has a complex, individual behavior during childbirth. Observing, ordering and correctly interpreting this behavior is one of the fundamental competencies of the art of midwifery.

The art of midwifery stands for a salutogenic model of care, it mobilizes a woman's resources and enables her to perform childbirth on her own. Midwifery accompaniment has a low intervention level, it means essentially being present, knowing a lot but doing little.

The profession of a midwife therefore requires a great deal of knowledge, great technical competence, mastery of good communication, the capacity to be empathetic and the ability to feel what means are best suited and useful for each different situation. This knowledge and skill of the midwife, which often comes along without any medical technology, is intangible cultural heritage.

During the training, the students learn these things partly in the classes, but also in the internships, by observing the women and the midwives, and above all by making their own experiences in the company of experienced midwifes.

The aim of the training is also to train enough midwives to guarantee the autonomy of the profession, so that every woman in Luxembourg can rely on the support by a midwife during pregnancy, childbirth and lying-in, and benefit from a "1 on 1 care".

The art of midwifery is to be safeguarded because it is threatened by obstetrics. On the one hand the respect for physiology, which is difficult to assert in our industrial culture, against on the other hand the focus on pathology, an ever-increasing medicalization of birth, and a consequently growing number of cesarean sections.

The new attributions of the midwives since November 2019 and the new nomenclature, which came into force on 1 February 2022, will help to increase the status of midwifery in Luxembourg.

In this sense, it is also planned that by September 2024, the midwifery training will be extended by one year, from 3 to 4 years, and will graduate with a bachelor's degree.

I, as representative of the midwifery training, can only fully support and recommend the application for the art of midwifery for the UNESCO Representative List of the Intangible Cultural Heritage of Humanity.

Luxembourg, 4 February 2022

Nicole Weber (Ms)

Coordinator of the Higher Technician Certificate in Midwifery

Luxembourg Technical High School for Health Professions

# Hiewanskonscht

*Ënnerstëtzung fir d'Demande fir d'Hiewannekonscht op d'UNESCO-Representativlëscht vum immaterielle Kulturliewen vun der Mënschheet opzehuelen.*

Op dëser Plaz well ech, Jacqueline Reuter, vun der Geleeënheet profitéieren, fir allen Hiewannen mäi Luef,meng Unerkennung a mäi Respekt auszedrécken. Ech hunn dräi Meedercher a fënnef Enkelkanner.

Mat Hiewannen hunn ech d'Erfarung gemaach datt si déi Persoun sinn di beim Moment vun der Gebuert alles am Greff behalen, och wa Problemer opdauchen. D'Gebuerte vu menge Kanner leien scho wäit zréck,mee ech hunn awer an Erënnerung behalen, dat et d'Hiewan war déi mir quasi vir a wärend der Geburt mënschlech am aller nooste stung. Si huet ëmmer dat néidegt Afillungsverméigen an d'Rou matbruecht, och par Rapport zum Papp, fir deen sou ee Moment jo och emotional eng nei, onbekannte Erfarung ass.

Den Hiewanne hunn ech ausserdeem nach aner ganz schéin Erliefnisser ze verdanken.

Wéi eng vu mengen Duechteren kuerz virun der Gebuert vu sengen Zwillingen stoung, ass et him stënterlech ganz schlecht gaangen. Duerch de gudde Kontakt zu senger Hiewan hate mer d'Méiglechkeet si ze kontaktéieren. Obwuel mer se grad op hirem fräien Dag erwëscht hunn, war si spontan bereet fir gläichzäiteg mat eis an d'Maternité ze kommen. Si huet ganz schnell gesinn wou de Problem war an op der Dot di néideg Moossnamen ergraff fir mengem Meedchen a sengen Zwillingen ze hëllefen. Den Dokter gouf alarméiert, den OP virbereet, ouni ze vergiessen och de zukünftege Papp erbäi ze ruffen. Ech sinn haut nach iwwerzeegt dat déi schnell a kompetent Reaktioun vu mengem Meedche senger Hiewan him a warscheinlech och senge Kanner d'Liewe gerett huet!

Eng aner, wonnerschéin Experienz, déi wuel nëmme ganz seelen eng Bomi däerf maachen, war dat ech bei der Gebuert vu mengem fënneften Enkel hunn dierfen derbäi sinn. Duerch verschidden Ëmstänn sollt eent vu mengen Meedercher eleng si fir d'Gebuert vu sengem drëtte Kand. Dat huet him awer zimmlech ze schafe gemaach, an sou huet seng Hiewan, déi d'Situatioun kannt huet, spontan proposéiert dat ech, d'Mamm a Bomi, dierft derbäi sinn. Meng Duechter hat mat der Hëllef a Begleedung vu senger Hiewan eng roueg an onkomplizéiert Gebuert an der spezieller, duerfir virgesinner Buedbidden an der Maternité. Et war een aussergewéinlecht Erliefnis fir mech als Fra a Mamm eng Gebuert "vun där aner Säit" däerfen ze erliewen.

Mat 65 Joer kann ech soen, dat a villen entscheedende Situatiounen an a verschiddene Liewensofschnëtter ëmmer erëm, op iergendeng Manéier, eng Hiewan mat hirer Mënschekenntnis, hirer d'Kompetenz an och hirer Energie - wann déi mir mol gefeelt huet - mir zur Säit stoung. Heimat well ech soen dat eng Hiewan net nëmme de Puppelcher op d'Welt hëlleft, mee vill méi Kompetenzen muss opweisen fir dësen, sécher net einfachen awer wonnerbare Beruff gutt a richteg auszeféieren. Duerfir soen ech op dëser Platz allen Hiewanne déi mech mol begleet hunn, e verdéngten, häerzleche Merci !

Als Fra, Mamm, Bomi an als Famill well ech d'Demande fir d'Hiewannekonscht op d'UNESCO-Representativlëscht vum immaterielle Kulturliewen vun der Mënschheet opzehuelen voll a ganz ënnerstëtzen.

Jacqueline Reuter
Stengefort, den 25 Februar 2022

Jacqueline Reuter
14, rue de Schwarzenhof
L-8452 Steinfort

Midwifery

*Support to the application of Midwifery for the UNESCO Representative List of the Intangible Cultural Heritage of Humanity.*

Hereby I, Jaqueline Reuter, would like to take the opportunity to express my praise, appreciation and respect to all the midwives. I have three daughters and five grandchildren.

With midwives I have gained the experience that they are the ones who keep everything under control at the moment of birth, even if problems arise. The births of my children are already a long way off, but I do remember that it was the midwife who was closest to me humanely before and during birth. She has always brought the necessary empathy and calmness, also in relation to the father, for whom such a moment is also emotionally a new, unknown experience.

I owe to the midwives also other wonderful experiences.

When one of my daughters was shortly before the delivery of her twins, things went suddenly very awry. Due to the close contact with her midwife, we had the opportunity to contact her. Although we had just got her on her day off, she was spontaneously willing to accompany us to the maternity hospital. She quickly saw where the problem was and she immediately took the necessary measures to help my daughter and her twins. The doctor was alerted, the op prepared, without forgetting to call the future father as well. I'm still convinced that the quick and competent reaction of my daughter's midwife saved her life and probably her children's too!

Another wonderful experience that a grandmother can only very rarely have, was that I was allowed to be present at the birth of my fifth grandchild. Due to some circumstances, one of my daughters was to be left all alone for the birth of her third child. This, however, made her quite worried, and so her midwife, who was aware of the situation, spontaneously suggested that I, the mother and grandmother, be allowed to attend. My daughter, with the help and assistance of her midwife, had a quiet and uncomplicated delivery in the specially purposed bathing tub in the maternity hospital. It was an extraordinary experience for me as woman and mother to be allowed to experience a birth <from the other side>.

At the age of 65, I can say that in many crucial situations and at different stages of my life, in one way or another, I was always backed up by some midwife with her knowledge of human nature, her competence and also her energy - if that was what I lacked. By this I mean that a midwife not only helps babies into the world, but needs to show a lot more skills to perform well and properly this certainly not easy but wonderful job. That is why I would like to take this opportunity to warmly and heartily thank all the midwives who once accompanied me.

As a woman, mother, grandmother and as a family, I would like to fully support the application of midwifery for the UNESCO Representative List of the Intangible Cultural Heritage of Humanity.

Ms Jacqueline Reuter

Stengefort, 20 February 2022